ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 05/05/2026

Rapport vun der Kommissioun fir de Klima a nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 28 Januar 2026

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Luc ELSEN Patrick EVERARD Carlo KOEPP (Rapport) Patrick KRAEMER Gilles WETZEL Pascal WIRTZ Carole WINTERSDORF	Thierry EVERAD (entschëllegt) Louis MALHERBE (entschëllegt) Louis MEYER (entschëllegt) Joske VOSMANN (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi follgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 9 Dezember 2025
3. Retouren an Demanden aus der Gemeng
4. Repair Café – Zukünfteg Organisatioun
5. Divers
6. Nächst Sëtzung

Helperknapp, 05/05/2026

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

7 vun 11 Memberen ware präsent.

Punkt 2 : Rapport vum 9 Dezember 2025

De Rapport gouf approuvéiert.

Punkt 3 : Retouren an Demanden aus der Gemeng

Sekretariat vun der Gemeng huet verschidden Retouren geschéckt betreffend:

- de Repair Caféen, fir d' Datumer op engem Flyer ze bündelen, fir d'Verdeelen ze reduzéieren
- der Prozedur fir d' Benotzen vun den Affichen-Panneauen am den Uertsagäng, och hei am Kader vum Repair Café. Mir kruten d' Formularen zougeschéckt.
- den asiateschen Harespelen, notamment wat Bedeelegungen vun der Gemeng un den Onkäschten ubelaangt. D' Kolleegen aus der Ëmweltkommissioun hu schonn eng Réckmeldungen vun der Gemeng kritt.

Punkt 4: Repair Café – Zukünfteg Organisatioun

Den nächsten Repair Café den 28 Februar war schonn an der leschter Sëtzung festgeluecht ginn. Mir hunn elo déi 2 aner Terminer fir 2026 definitiv festgehalen:

- Mëttwoch 3 Juni als Afterwork Repair Café vun 17h- 20h
- Samschdeg den 10 Oktober vun 9h-13h

Des weideren hu mir decidéiert fir ee Kommitee op d' Been ze stellen, deen zukünfteg d' Organisatioun vun de Repair Caféen iwwerhëlt! Dat kann an 2 Phasen geschéien: fir d'éischt ee Kommitee billen an duerno eventuell ee Veräin.

Banderollen wou een Datum, Auerzäit an Plaz wiessele kann musse nach designt an bestallt ginn.

Helperknapp, 05/05/2026

5: Divers

De Patrick Everard huet matgedeelt, datt hien am Austausch mam Philippe Chenneaux eng E-Mail krut betreffend d'Iddi, an der Gemeng e Business-Stammdësch fir lokal Betriber z'organiséieren.

An der Reunioun gouf doriwwer interesséiert diskutéiert. Dobäi hu mir eis gefrot, wéi eng Betriber genee gemengt sinn, well mir keen detailléierten Iwwerbléck haten, wéi vill et der an eiser Gemeng gëtt. Wichteg ass och ze klären, wien dorunner deelhëlt, wéi eng Sujeten ugeschwat ginn a wéi eng konkret Plus-Value fir déi eenzel Betriber entstoen kann.

No weideren Informatioune si sämtlech Betriber a Commercen gemengt, jiddereen kann deelhuelen dorënner Handwierk, Agrikultur, Café- a Restauratioun, Gesondheetssecteur, Assurancen, Wunnen a Bauen, Kierperfleeg, asw.

De Stammdësch riicht sech u Vertrieder aus de Betriber. Jee nodeem kéinten och Vertrieder aus der Gemeng, enger Kommissioun oder op Invitatioun en externen Expert dobäi sinn.

D'Sujeten kéinten aus verschiddene Beräicher kommen, wéi Energie, Ëmwelt, Bürokratie, Ekonomie a weider relevant Themen.

Eventuell Ziler vum Stammdësch wieren ënner anerem:

- sech kennenzeléieren an sech auszetauschen
- Praxisbeispiller („Best Practice") ze deelen
- d'Bewosstsinn an eventuell d'Kompetitivitéit ze stäerken
- zesummen no Léisungen ze sichen
- Käschten a Ressourcë besser ze notzen
- bürokratesch Ufuerderungen besser ze maîtriséieren

D' Kommissioun jiddefalls approuvéiert dës Iddi.

6: Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass den 18 Mäerz 2026 um 19h30 an der Koll (muss nach bestätegt ginn).

Méiglech Punkten awer fir Dagesuerdnung:

1. Retouren, Demanden aus der Gemeng
2. Repair Café
3. Visite Energie Park
4. Divers

Wann dir weider Virschléi huet, schéckt se gären un eise President.